# déi Konservativ

## Pressematdeelung

13.04.2019

### Demissioun vum Här Mario May

D'Partei **déi Konservativ** confirméiert der Press an Ëffentlechkeet, datt sech den Här Mario May - am géigesäitegem Averständnes - vun eiser Partei trennt.

Nodeems den Här May net méi interesséiert ass, wollte mir him de Virtrëtt loossen, seng Demissioun a Beweeggrënn ëffentlech bekannt ze ginn, an esou virun de Wahlen, de richtegen Entschloss géintiwwer eise Wieler an eiser Partei ze treffen.

Mir wënschen him alles Guddes fir seng weider politesch Karriär an Zukunft, an hoffen, datt hie vill Erfahrung a Geléiertes vun eis mat op säi Wee hëlt.

Vill méi Wichteg huet dëse Schratt fir eis Partei net. Dës Demissioun ännert näischt um weidere Wee vun eiser Partei, hirer Existenz oder Kandidatur bei den Europawahlen. Mir si jiddefalls héich motivéiert an ambitionéiert, fir déi diesjäereg Europawahlcompagne, an déi vill geplangte Projeten.

D'Partei selwer, wäert dëse Posten net nei besetzen, well e mat der zweeter Vizepresidentin an aktueller Europakandidatin, Sandra Schwachtgen, gutt besat ass, déi domat déi vollwäerteg Relève vum Parteiposten a senger Charge iwwerhëlt.

gezeechent,

déi Konservativ